N° 7623
Entrée le 21.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

**Äntwert vum Kommunikatiouns- a Medieminister a vum Aussen- an Europaminister, op d'parlamentaresch Fro n°7623 vum honorabelen Deputéierte Laurent Mosar a Marc Spautz (CSV)**

D'Regierung confirméiert de Wuertlaut vun der Äntwert vum Ministère an huet d'Informatiounen aus dem Presse-Artikel am Detail analyséiert. Déi kompetent Servicer hunn de mentionéierten Artikel un de Parquet weidergi, sou wéi et am Artikel 23 vum Code de procédure pénale virgesinn ass.

Zesumme mat techneschen Experten vum CIRCL hunn déi kompetent Servicer d'Entreprise mat den Informatiounen aus dem Presse-Artikel confrontéiert. D'Entreprise huet intern Kontroll-Mechanisme presentéiert, souwéi verschidde Beschëllegungen aus dem Presse-Artikel adresséiert. Op Basis vun techneschen Informatioune konnten déi kompetent Servicer d'Reaktivitéit vun der Entreprise verifiéieren..

Et sief drop higewisen datt d'Entreprise als Fournisseur vun engem Content Delivery Network, also Caching-Servicer aktiv ass - an net zum Beispill als Hosting-Service. An der Roll huet d'Entreprise ënnert Anerem d'Obligatioun schnell op Demande vun Autoritéiten an Individuen ze reagéieren, nom Prinzip *notice and takedown*, sou wéi d'Directive iwwert den elektroneschen Handel dëst virgesäit. Déi europäesch Regelen erlaben et allerdings net Online Déngschtleeschter, déi Content delivery networks (CDN), Hosting oder Cloud Servicer ubidden, Donnéeen an Echtzäit z'iwwerwaachen. An dësem Fall, huet d'Entreprise de verbuedenen Contenu prompt geläscht.

Zu dësem Zäitpunkt ass et der Regierung wichteg am enken Echange mat all Acteur ze stoen dee vu Sanktiouns-Mesure betraff ass fir eng kohärent Ëmsetzung vun dësen ze garantéieren, dëst och am Austausch mat der EU Kommissioun.

D'Export-Kontrollgesetz vum 27. Juni 2018 setzt de Kader fir Strofen an Amenden am Fall vum Net-Respekt vu kommerzielle Sanktiouns-Mesuren. Entreprisen déi sech nët un Sanktioune halen mussen mat enger Dénonciatioun beim Parquet rechnen. Den Ausse-an Europaministère ass fir d'Koordinatioun vun der Ëmsetzung vun de Sanktiouns-Mesuren zoustänneg an schafft an dëser Roll enk mat den zoustännege Ministèren zesumme. D'Justiz-Autoritéite sinn zoustänneg fir Verstéiss ze ermëttelen.

Lëtzebuerg, den 21. März 2023

De Kommunikatiouns – a Medieminister

(s.) Xavier Bettel

5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg
Tél. (+352) 247-72012
Fax (+352) 247-92015
info@mediacom.public.lu
www.gouvernement.lu/smc
www.luxembourg.lu